



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Développement durable
et des Infrastructures

Département de l'environnement

Luxembourg, le 7 AOUT 2018

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
08 AOUT 2018

Service central de législation
Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Question parlementaire n°3922

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°3922 de l'honorable députée Madame Martine Hansen tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement,

Carole Dieschbourg

Gemeinsam Äntwert vun der Ëmweltministesch an dem Finanzminister op d'parlamentarësch Ufro n°3922 vum 11. Juli 2018 vun der honorabler Deputéierten Madame Martine Hansen

1) Besteet aktuell en akuten Handlungsbedarf a punkto Commodo-Incommodo-Oplagen datt elo matten am Summer, wou d'Betriber vill Aarbecht hunn mat der Recolte, Kontrollen op de Betriber duerchgefouert ginn?

D'Waasserverwaltung gouf 2017 insgesamt mat 11 Pollutiounen befaasst, déi mat Piff ze dinn haten. Fir d'Joer 2018 waren dat der schonns eng ronn 20. A ville Fäll waren déi Pollutiounen doduerch bedéngt, datt de Piff tank nët dicht war oder datt Ventililer nët richtig zou waren respektiv datt se duerch Onopmierksamkeet opgaange sinn.

Onkontrolléiert Auslafe vu Piff zerstéiert déi ganz Biologie, am Buedem an och an de Gewässer déi dann nees Joere brauch fir sech ze regeneréieren.

Vu den Zouwuess vun de Problemer mat dem Auslafe vum Piff, ass décidéiert ginn, de Stockage dovun méi genau ze kontrolléieren. Well de Stockage selwer awer iwwert d'Commodosgesetz geregelt ass an iwwert dee Wee mat deenen néidege Conditounen beluecht ass, ass am Kader vun der Zesummenaarbecht tëschent Waasserverwaltung an der Ëmweltverwaltung vun deenen zwou Verwaltungen festgehale ginn, datt déi Kontrollen vun der Ëmweltverwaltung organiséiert solle ginn.

D'Kontrollen u sech ginn, op Demande vun der Ëmweltverwaltung, vun der Douanesverwaltung duerchgefouert, sou wéi dat an enger Konventioun den 21. Dezember 2015 festgehale gouf.

2) De Stockage vu Flësegdünger gëtt bei de Flächenkontrollen op Grond vun der Agrarpolitik systematesch mat kontrolléiert. Firwat ordonnéiert Madamm Ëmweltministesch nach zousätzlech Kontrollen?

De Stockage vum Piff ënnerläit de Bestëmmunge vun dem Commodosgesetz. Nieft der ITM, déi zoustänneg ass fir de Volet vun der Aarbechtssécherheet, ass d'Ëmweltverwaltung déi kompetent Administratioun fir d'Ëmsetzung vun dëser Legislatioun.

Verstéiss géint d'Commodosgesetz kënnen nieft der Douane an der Police nëmme vun deene Verwaltungen festgestallt ginn, déi an deem Gesetz explizit opgezielt sinn. Flächekontrollen op Grond vun der Agrarpolitik gi vun dem Service d'économie rurale duerchgefouert. Dëse Service huet op Grond vum Commodosgesetz awer keng Kontrollkompetenz. Wann also am Kader vun de Flächekontrollen de Stockage vu Flësegdünger mat gekuckt gëtt a bei Onregelméissegkeeten de Betrib drop higewise gëtt, dann ass dat eng wäertvoll Informatioun fir de Betrib. Esou Iwwerprüfungen kënnen awer op kee Fall als legal verbindlech Kontrollen op Basis vum Commodosgesetz ugesi ginn.

3) Ass des Aktioun mam Landwirtschaftsministère, dee jo fir déi aner Kontrollen zoustänneg ass, am Virfeld ofgeschwat ginn?

Et gouf an de Méint virdrun eng Rei Gespréicher zu dem Thema « Stockage vu Piff » tëschent der Waasserverwaltung an der Agrikultur. Donieft goufen och Diskussiounen mat der Unité de Contrôle vun dem Service d'économie rurale gefouert.

Allerdéngs ass et och nët Usus, Kontrollen am Virfeld mat anere Ministère ofzeschwätzen.

4) Ass et usus, esou eng Kontrollkampagne mediewierksam ze annoncïere a riskéiert esou eng medien-annoncïert Campagne net een direkten Afloss op den Image vun enger spezifescher Beruffssparten ze hunn? Gi Kontrollen a punkto Commodo-Incommodo Oplagen an anere Beruffssparten och mediewierksam annoncïert an duerchgefouert?

D'Annoncïere vun esou enger Campagne ass virun allem do, fir déi betraffe Betriber dorop hinzewiesen, datt Kontrolle wäerte gemaach ginn an hinnen doduerch d'Méiglechkeet ze ginn, selwer nach eng Kéier ze kucken, ob alles an der Rei ass, fir datt da bei der Kontroll d'Konformitéit vun de gesetzlechen Oplage festgestallt ka ginn.

D'Tatsaach, datt eng Kontrollkampagne am Virfeld annoncïert gëtt, heescht also nët, datt de concernéierte Secteur ënnert Generalverdacht steet. Am Géigendeel, et geet dorëm, de concernéierte Betriber esou d'Chance ze ginn, fir de Fall wou se net konform zur Gesetzgebung wieren, sech am Virfeld ze konforméieren an doduerch zu gudder Lescht e positive Bilan zéien ze kënnen.

D'Approche, déi d'Ëmweltverwaltung hei gewielt huet, ass am Prinzip genau déi selwecht, déi d'Police hält, wa se iwwert déi verschidde Medien Vitessekontrollen annoncïert. Deemno kann een hei nët vun enger mediewierksamer Annonce schwätzen, mee éischer vun enger Transparenz a Bezuch op geplangte Kontrollen.

Dëse Communiqué ass och un déi vun der Landwirtschaft betraffe Verwaltunge gaangen, un d'Chambre d'Agriculture an un déi eenzel Verbänn mat dem Hiweis, si sollen hier Memberen doriwwer informéieren, dëst och nees am Sënn vun der néidecher Transparenz.

Wat aner Beruffssparten ugeet, wäerten d'Kontrollkampagnen och nees am Virfeld ugekënnegt ginn.

D'Ëmweltverwaltung huet och scho virdrun iwwert Kontrollenkampagnen am Virus kommunizéiert. Dëst ass zum Beispill de Fall bei den Offalltransportkontrollen, wou en entpriecheden Inspectiounsplang um Internet publizéiert ass. Och bei de Betriber, déi ënnert d'Directive vun den « émissions industrielles » falen, ass de Planning mat de Kontrolle vun deene betraffene Betriber publizéiert.